KULTUR

Sonndes, den 30. Mäerz um "Hei elei":

# Ee wéi deen aneren

Haut, wou iwwerall sou vill iwer Problemer vun der Famill a vun der Koppel geschwat a geschriwwe gët, konnt ee gespaant sin ze gesin an ze héieren, wéi e Lëtzeburger Auteur d'Familgen hei am Land gesäit. Et ass jo ni iwerflësseg, e Spijhel virgehalen ze kréien; oft ass ët nët schéin,wat een do gesäit an et deet wéi, awer dat ass jo oft den éischte Schrëtt, eppes anescht a besser ze maachen. Et war dem Guy Wagner en Uleies, de Modell, no deem (dat seet hie wéinestens) vill Familen funktionéiren, ongeschminkt op d'Bün ze brëngen, an dat ass u sech eng gutt Saach.

Mir léieren also eng Modellfamill kennen, Modellfamill an deem Sënn, dass an där Famill sou zimlech all Problemer sech konzentréieren, déi haut an enger Famill können ausgedroen ginn: de Problem vum Mann, dee sénger Situatioun nët gewuess ass, nët als Mann an nët als Papp, d'Fro vun der Emanzipatioun vun der Fra, vun der Kontrazeptioun, d' Fro vun den ale Leit (d'Bomi gët nët matgeholl), d'Relatiounen Eltere-Kanner, d'Aarbechtswelt... Wéi gesot, dat sin alles Saachen, mat deenen méi wéi eng Famill sech haut erëmzeschloen huet. Awer ganz wuel war ët mer trotzdem nët derbäi. Ech fannen, d'Situatioun ass esou iwerspëtzt an iwerdriwwen duergestalt, dass eng Identifizéierung zimlech onméiglech ass. An d'Gefor dobäi ass dann, dass ee seet: Dat do geet mech näischt un, bei eis geet et zwar nët zum beschten, awer esou ass et nach laang nët. Dobäi kënnt nach, dass all déi Froen an éngem Sonnden zur Diskussioun kommen (vun Diskussioun muss een natiirlech hei tëschent Gänseféisercher schwätzen), an dat mëcht d'Saach nach méi onwaarscheinlech.

Als zweet wëllt ech mech mam Personnage vum Mann auserneen setzen. Dass an déer Famill näischt klappt, schéngt als éischt dem Mann séng Schold ze sin. Hie kommandéiert Fra a Kanner, hien ass den Här, mat him ass nët ze schwätzen, hien hätt gär séng Rou. Wann hie sech u séng Fra adresséiert, ass ët, well hien eppes brauch oder well nët alles esou leeft, wéi hien ët gär hätt. Hier Koppel huet sech selwer iwerlieft, schéngt et. D'Fra ass onzefridden, méi Verständnis bräicht se, méi Zäärtlechkeet. An si freet sech an och hien: Firwat ass elo néischt méi esou wéi fréier?

Och d'Kanner erënnere sech u fréier. De Papp war deemools formidabel, hien hat Zäit fir si an huet mat hinne gespillt. De Papp ass nët méi erëm ze erkennen. Wat ass geschitt, a firwat ass déi Koppel keng Koppel méi?

D'Antwert, déi d'Personnagen sech selwer gin, an déi och néierens am Stéck a Fro gesat gët, ass den Hiweis op d'Zäit. D'Zäit huet alles futti gemaach. Dës Antwert huet mech stutzeg gemaach, besonnesch well si jo och guer nët weider erklläärt gouf. Et gët nët gesot, dass eppes Extraes passéiert wir an och nët, wat sech an deer Zäit an de Personnagen ofgespilt huet, wéi lues a lues (sou schéngt et jo) déi Relatioun zugronn gaangen ass. Virdrun an elo sti ganz onverbonnen an onverständlech niewteneen. Et dierft awer engem "lénken" Auteur knaps duergoen, de Leit e Spijhel virzehalen,et misst him jo zugläich drëm goen, de Leit hir Situatioun verständlech ze maachen, hinnen op d'Spur ze hëllefen. Wann dat nët geschitt, huet ménger Meenung no eStéck ewéi dat hei zum Deel säin Zweck verfeelt.
Wat fänken ech domatt un, wann ee mer seet, d' Zäit wier un allem schold? Firwat huet de Papp sech zum granzegen Haustyrann entwéckelt? Dat Thema kënnt zwar zur Sprooch, awer et steet dach zimlech onvermëttelt niewent deer Aart a Weis, wéi de Mann elo optrëtt. A wann séng Fra e Bauch kritt huet an hier Broscht nët méi esou fest ass wéi virdrunn, geet da jo wiirklech alsErklärung och net duer. Eng Zäit laang hat hien en anert, d'accord, awer firwat? Wat stëcht do derhannert? Dee Mann do bleiwt eis am Fong onverständlech an déi Aart a Weis, wéi en duergestalt ass, hëlleft eis och nët, eis selwer besser kennen ze léieren an aner Wéer vu mënschlechem Zesummeliewen ze fannen. Et bleift nach jhust d'Resignatioun.

An d'Fra? Ass hire Personnage méi iwerzeegend? Am Ufank huet een d'Impressioun, si versicht ze retten, wat nach ze retten ass, wann iwerhaapt nach eppes ze retten ass. Si deckt de Kaffisdësch, si schielt d'Gromperen, si mëcht de Puppelche frësch. Si mëcht villes a kënnt selwer ze kuurz, an dee Sonnden huet si es sat. Fir d'Kanner huet si méi Verständnis wéi de Papp. Awer firwat fällt si dann nëmmen esou iwert de Puppelchen hir? Dee Puppelchen schingt näischt soss ze maachen wéi Kaka an d'Box ze drécken. An da seet si, si hätt hiirt ganzt Liewen näischt anescht gemaach, wéi Kaka ewech ze maachen.Wann een den Altersënnerscheed tëschent de Kanner kuckt, gesäit een, dass dat, wat si seet, nët stëmmt; et stëmmt iwerhaapt näischt, wat si an deer Szen vun sech gëtt. Ech mengen domat, dass déi Szen nët bei déi Fra passt. Sou wéi si virdrunn an härno optrëtt, gëtt si e ganzt anert Bild. Dass vu Katzen a Schäissen Rieds geet, huet munnech Leit chokéiert. Vleit wollt den Auteur dat och, hinnen e Chock gin, fir dass si sollen iwerleen an sech Froe stellen: datt ass sei gudd Recht. Ech mengen awer, wann hien dat an dëser Szen wollt, ass et him derniewent gaangen. Den Zuschauer hëllt deer Fra déi Szen einfach nët of, do spilt eng Fra Theater, si gebraucht Ausdréck, déi nët hir sin. Wéi soll een hiren Ausbroch dann eescht huelen? Mann wies besser gewiescht. Firwat huet den Auteur iwerhaapt dee Puppelche missen an d'Spill brëngen? Et hätt een och esou gemierkt, dass déi Fra bei deem Mann nët zu hirem koum. Manner wier och hei besser gewiescht.

Eng aner Saach, déi mer quiesch läit, ass de Schluss. Si paakt hir Valise, si geet hirer Wee a

wëllt eppes aneschtes sichen. De Mann bleift gemitlech virum Fernseh sëtzen, hie wees, dass si erëm kënnt. A richteg, no e puer Stonnen ass si nees do, a well de Puppelche kräischt, kuckt si no him. Eng Léisung ass dat ganz bestëmmt nët, mir mussen unhuelen, dass alles beim ale bleift. Also ass d' Situatioun definitiv verfuer. Kee Mënsch zweifelt drun, dass et esou Situatioune gëtt, an et ass och engem säi gudd Recht, dorop hinzeweisen. Awer eng Hëllef ass datt nët. Déi Fraen, déi et mat Männer wéi deem do ze din hun an denken: esou sin d'Männer eben, kënnen sech nëmmen an hirer Menung bestäärkt fillen. Wat ee maache kann, fir zwëschenmënschlech Barrieren ofzerappen,fir d'Zäärtlechkeet an der Koppel zu Wuurt kommen ze loossen, dat gouf nët emol gefrot. Ass et dann fir déi Leit, déi an enger äänlecher Situatioun liewen, ze spéit fir eppes ze ännerен? An déi, déi no hinne kommen, hir Kanner, wat ka si vu deem ganze Misär bewaren? Hun si iwerhaapt eng Chance?

Fernande Hausemer-Freymann